



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8106 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler an Gusty Graas

Wéi schätzt den Här Minister d'Lag hei zu Lëtzebuerg de Moment an? Wat fir eng Kulturen si manner resistent a besonnesch vun der Dréchant betraff?

Allgemeng kann een zur Zäit Folgendes feststellen:

Op eisen déifgrënnege Biedem laanscht d'Musel ginn et bis well keng Problemer. Souguer Riewen, déi e puer Joer hannertenee mat Dréchantstress geplot sinn, iwwerliewen dat ënner der Bedingung, datt den Ertrag reduzéiert gëtt. Jonk Wéngerte par konter musse bewässert ginn, soss iwwerliewen d'Planzen dat net.

Och bei Uebst a Geméis kënn de Produzent meeschtens leider net derlaanscht, aktiv bei Zäite vu längerer Dréchant ze netzen. Beim Uebst sinn natierlech och ganz besonnesch déi jonk Beem betraff. Mee an allen intensiven Uebstanlagen ass eng Bewässerung wichteg fir eng gutt Recolte ofzesécheren. Bei ville Geméisorte leiden d'Qualitéit an de Rendement direkt no och enger kuerzer Dréchant. Dëst wëssen d' Betriber, déi am Secteur tätég sinn, an hunn oder sinn amgaang sech och deementspreechend anzerichten. Hei bleift awer d'Problematik, dass Waasser keng onerschöpflech Ressource ass, zu där den Zougang illimitéiert ass. Op dësem Themefeld schaffe momentan de Landwirtschaftsministere an den Ëmweltministere zesumme mam Secteur fir Léisungen ze fannen.

An der Landwirtschaft huet d'Recolte am Kärebau ongeféier eng Woch méi fréi ugefaange wéi am Duerchschnitt vun de Joren. Vum Secteur kennt d'Reckmeldung, datt d'Recolte an der Wantergeescht méi schlecht ausfällt wéi am Ufank geduecht, de Kär ass kleng, Stréi gëtt et awer vill. D'Wanterkulturen hunn am meeschte vum Waasser am Fréijoer konnte profitéieren.

Dëst Joer hu virun allem d'Summerkären ënnert der Dréchant gelidden. Duerch dat naasst Fréijoer konnten dës Kulturen eréischt méi spët ausgeséint ginn, an do huet virun allem am Mee an am Juni Reen gefeelt. Am Gréngland an am Feldfudderbau konnt eng gutt éischt Coupe gemaach ginn, et ass awer net vill un Ertrag nokomm. Wisen a Weede sinn nach zum Deel gréng, den Zouwuess ass awer quasi op null.

Eng Pressekonferenz vum Landwirtschaftsminister mam Secteur, wou en genaue "Bilan des récoltes" gemaach gëtt, ass vir den 13te September festgesat. Et ass nach wierklech ze fréi fir eng definitiv Ausso zum Karschnatz 2023 ze maachen.

Bei wat fir enge Kulture riskéiert et zu irreparable Schied ze kommen?

Zu irreparable Schied ass et an de Summerkäre komm. De Mais huet och mat der Dréchant ze kämpfen, an et weess een nach guer net ewéi dat ausgeet, mee déi kleng Reeschauere vun de leschte Wochen hëllef ganz vill. Regional a souguer lokal ginn en ganz grouss Differenzen an de Kulturen, vu schlecht bis ganz gutt.

Lëtzebuerg, de 14. Juli 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN